PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, , den 17/03/2023

Här President,

Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministesch fir Justiz weiderzeleeden.

Wärend Covid-19 haten d'Detenuen zu Schraasseg Accès zu Computere fir kënne mat hire Familljen ze skypen. Dëst war dee Moment néideg, well d'Visitte verbuede gi waren, fir d'Ausbreedung vum Virus ze verhënneren.

An deem Zesummenhang wéilt ech der Ministesch dës Froe stellen:

1. Hunn d'Persounen an de Prisongen zu Schraasseg, Givenich an um Uerschterhaff Accès zu Computere mat Internet?
    - Wa jo, ënnert wéi enge Konditiounen dierfen si dëse benotzen?
    - Handelt et sech ëm Wifi oder Eternet?
    - Wa nee, firwat net?

2. An de verschiddene Strukture gi laut Site vun der Administration pénitentiaire Formatiounen ugebueden.
    - Ëm wéi eng Formatiounen handelt et sech heibäi?
    - A wéi enger Reegelméissegkeet ginn dës organiséiert?
    - Wéi vill Detenue maachen hei all Joers mat?
    - Wat fir Konditioune muss een erfëllen, fir un de Formatiounen deel ze huelen?

Mat déiwem Respekt,

GOERGEN Marc
Deputéierten